

Meng To-Do-Lëscht

- ☒ Elektriker
uruffen
- ☒ Steiererklärung
maachen
- ☒ Hondsfudder
kafe goen
- ☒ Mammographie
- ☐ Vëlo flécken
- ☐ nei Carte d'Identité

MAMMOGRAPHIE PROGRAMM

Ech hunn tëscht 45 a 74 Joer!

Ech huelen um Mammographie-Programm deel

MAMMOGRAPHIE PROGRAMM

Broschkriibs: de Screening erhéicht d'Heelungschancen

Dir gitt reegelméisseg fir e Broschkriibs-Screening agelueden. Ob Dir dorun deelhuelt oder net, ass lech iwwerlooss!

All Fra muss fir sech entscheeden, ob si um Screening-Programm deelhuele wëll oder net. Wichteg ass, dass si sech am Virfeld iwwert d'Virdeeler an d'Nodeeler vum Screening informéiert huet.

Dës Broschür soll lech iwwert d'Vir- an d'No-

deeler vum organiséierte Screening opklären, soudass Dir lech ganz bewosst fir oder géint eng Participatioun um Mammographie-Programm entscheede kënnt.

Huelt lech Zäit fir alles grëndlech duerchzeliesen.

Bei Froen, stinn lech d'Mataarbechter vum Koordinatiounszenter oder Ären Dokter fir weider Informatiounen zur Verfügung.

Koordinatiounszenter fir Broschkriibs-Screening-Programmer



+352 247 75550



+352 247 95563



20, rue de Bitbourg
L-1273 Luxembourg



mammographie@ms.etat.lu



www.mammographie.lu
www.sante.lu

**De Broschkriibs-Screening
erhéicht d'Heelungschancen**

WAT ASS BROSCHTKRIIBS?

Dës Krankheet entsteet a bestëmmten Zelle vun der Broscht. Déi multiplizéiere sech anormal, bis se eng Mass vu kribsaartegen Zelle bilden - oder e béisaartegen Tumor - déi sech am gesonden, ugrenzende Geweebe ausbreede kann. Vun dësem Ausgangstumor aus, kënnen béisaarteg Zellen am ganze Kierper streeën; et schwätzt een da vu Metastasen, déi haaptsächlech d'Schanken an d'Liewer befale kënnen. Verschidde Massen sinn net kribsaarteg. An deem Fall schwätzt ee vu guttaartegen Tumoren.

Wéi fillt sech dat un?

Méiglech Symptomer sinn: e spierbaren „Knuet“ an der Broscht, eng Verännerung vun der Form oder vun der Gréisst vun der Broscht, Ausfluss aus der Broschtwaarz oder eng Entzündung vun der Broscht.

An deene meeschte Fäll sinn am Ufanksstadium keng Symptomer ze gesinn oder ze spieren. Mee d'Heelungs- an Iwwerliewenschancë sinn däitlech méi héich, wann de Kriibs fréizäiteg entdeckt gëtt an entsprechend behandelt ka ginn.

Besounnesch duerch déi reegelméisseg Kontroll vun der Broscht, déi am Kader vum Screening-Programm realiséiert gëtt, kënnen vill betraffe Fraen erfollegräich behandelt ginn.



WAT BEGËNSCHTEGT DËS KRIIBSAART?

Wat sinn d'Zuelen zu Lëtzebuerg?

**An deene meeschte Fäll, ass keng kloer
Ursaach ze fannen.**

Verschiede Facteure kënnen allerdéngs de Broschtkriibs-Risiko erhéijen. Bekannt sinn zurzäit: Alter, Iwwergewicht, Beweeungsmangel, Alkoholkonsum an Hormontherapien an der Menopause.

5% bis 10% vun de Broschtkriibs-Erkrankungen si geneetesche bedéngt. An deem Fall kënnen vill Fraen (a Männer) aus enger selwechter Famill u Broschtkriibs an/oder Eeërstack-Kriibs erkranken.

Zu Lëtzebuerg zielt de Broschtkriibs zu der heefegster Kriibsaart bei Fraen, an zu der Haaptoudesursaach bei Fraen tëscht 45 a 74 Joer. All Joer si 500 Frae vun där Diag-nos betraff a circa 100 stierwen dorun.

Méi wéi d'Hallschent vun de Broschtkriibs-Erkrankungen entwéckele sech bei Persounen

tëscht 45 a 74 Joer. Aus deem Grond konzentréiert sech de Screening-Programm op dës Alterstranche.

Wéi héich sinn d'Iwwerlieweschancen no enger Broschtkriibs-Erkrankung?

Et gëtt eng Rei vu wirksame Behandlungsméiglechkeete fir Frae mat Broschtkriibs: Chirurgie, Radiotherapie a Medikamenter.

D'Erfollegschancë si méi héich wann den Tumor nach kleng ass a keng Metastasen am Kierper gebilt huet (fréizäitege Stadium).

Dofir ass d'Zil vun de Screening-Programmer, de Kriibs sou fréi wéi méiglech ze detektéieren.



WAT ASS EN ORGANISÉIERTE SCREENING?

De Screening déngt dozou, méiglech Unzeeche vun enger Krankheet - an dësem Fall Broschkriibs - fréizäiteg ze entdecken, an dat nach virum Opriede vu Symptomer. D'Zil ass d'Krankheet am Ufanksstadium ze behandelen, fir esou schwéier Traitementer ze vermeiden an d'Unzuel vu méiglechen Doudesaffer, déi der Krankheet verfallen, ze reduzéieren.

„Organiséiert“ bedeit, dass de Screening no bestëmmte strenge Reegelen erfollegt a fir eng grouss Unzuel un Zilpersounen bestëmmt ass. Am Kader vum Broschkriibs-Screening, geet et drëms Fraen tëscht 45 a 74 Joer all 2 Joer eng Mammographie unzebidden.

Wat gëtt zousätzlech zum Mammographie-Programm recommandéiert?

Eng järelech Consultatioun beim Fraendokter gëtt staark recommandéiert.

Verschiede Kriibsaarte sinn op der Mammographie net siichtbar oder kënnen sech schnell entwéckelen. Et ass dofir wichteg d'Ausgesi vun Ärer Broscht ëmmer am A ze behalen a bei Verännerungen direkt en Dokter ze consultéieren.



DE MAMMOGRAPHIE PROGRAMM: WOURËMS GEET ET?

Fir wien?

Fraen am Alter tëscht 45 a 74 Joer, déi bei der CNS - d'Gesondheitskeess affiliéiert sinn an zu Lëtzebuerg wunnen, ginn all 2 Joer op eng Screening-Mammographie agelueden.

Fraen, déi am Ausland liewen a bei der CNS - d'Gesondheitskeess affiliéiert sinn, kënnen och um Mammographie-Programm deelhuele. Si mussen sech aktiv melle fir um Programm deelzehuele an dës Demarche all 2 Joer widerhuele. Bei Interessi kréie si op Ufro per Telefon beim Koordinationszenter dann eng Invitatioun per Post geschéckt.

D'Mammographie muss am Grand-Duché duerchgefouert ginn an d'Resultat gëtt un en Dokter geschéckt.

Wéini?

De Stéchdag fir d'Verschécke vun der éischter Invitatioun baséiert op dem Gebuertsjoer a Gebuertsmonth. 23 Méint no der leschter Screening-Mammographie oder der onbenotzter Invitatioun, kritt déi betraffe Persoun dann eng nei Aluedung geschéckt.

D'Invitatioun gëtt per Post verschéckt. Vermierkt ass just de Gebuertsnumm. Se ass 2 Joer laang gültig.

Ass et obligatoresch?

Nee. All Fra ka fräi entseeiden ob si um Screening-Programm deelhélt oder net.

Ass d'Consultatioun deier?

Am Kader vun dësem Programm, gëtt d'Mammographie komplett vun der CNS iwwerholl, sou dass se fir lech gratis ass.

Bei enger opfälliger Mammographie:

- Ären Dokter gëtt lech e Bong (E20) z'ënnerschreiwen, fir dass d'Consultatioun gratis ass (zu 100% vun der CNS iwwerholl). Bei dëser Consultatioun kritt Dir d'Resultater an déi nächst Etappen erkläert, gitt nach eemol ënnersicht a kritt déi noutwenneg zousätzlech Ënnersichunge verschriwwen.
- Déi zousätzlech Ënnersichunge mussen vum Spidol oder vum Dokter realiséiert a facturéiert ginn. Dir gitt da vun Ärer Krankekeess zu de gültigen Tariffer rembourséiert.

De Screening verhënnert net d'Entsteeung vu Kriibs.

E ka just dann effikass sinn, wann e reegelméisseg widerholl gëtt.

Duerch eng Participatioun um Mammographie-Programm hutt Dir follgend Garantien:

- Är Mammographië gi vun engem zougeloossene Radiolog vum Screening-Zenter ënnersicht an dono vun engem 2. Radiolog bei der Gesondheitsdirektioun analyséiert („duebel Lektür“).
- Wann d'Conclusiounen vun dësen 2 Radiologen net iwwerteneestëmmen, gëtt eng sougenannten „drëtt Lektür“ am Kader vun enger Besprechung tëscht engem éischten an engem zweete Spezialist realiséiert.
- Dës Lektür gëtt sou schnell wéi méiglech duerchgefouert.
- Déi duebel Lektür ass wichteg, well se engersäits Opfälligkeiten opdecke kann, déi



vun engem vun de Radiologen iwwersi gouf (23% vun de Kriibs-Erkrankunge kënnen do-
durch opgefaange ginn), a well een anersäits
doduerch onnéideg Zousaz-Ënnersichunge
evitéiere kann.

- D'Maschine vun den zougeloossene Servicer
gi reegelméisseg vun engem Expert fir Mede-
zin-Physik getest, deen och iwwerpréift ob
se mat den entspreichenden europäesche
Recommandatioune konform sinn.
- D'Qualitéit vun den Opname gëtt kontinuëier-
lech vun de Radiologen iwwerpréift.
- D'Personal vum Mammographie-Programm
gëtt speziell ausgebild a reegelméisseg wei-
dergebilt.



Wouranner besteet eng Mammographie?

D'Mammographie ass eng Röntgenopnam vun
der Broscht. Zuerst ass et déi beschte Method
fir Broschkriibs ze erkennen. Duerch eng Scree-
ning-Mammographie kënnen kleng Verletzungen
detektéiert ginn, déi beim Oftaachten net
spierbar sinn.

D'Opname vun der Mammographie liwweren
detailléiert Biller vun de Brëscht aus verschid-
dene Perspektiven.

Den technesch medezineschen Assistent/
Déi technesch medezinesch Assistentin (ATM)
mécht dofir 4 Opnamen:

- 2 vun all Broscht
 - 1 schréi
 - 1 vu vir




Dofir muss d'Broscht tëscht zwou Placke ge-
klemmt ginn, esou datt se an d'Breet gedréckt
a roueg gehale gëtt. Dës Kompressioun ass
wichtig, well se fir gutt liesbar Opname suert
an an engems déi noutwenneg Stralen-
Dosis reduzéiert. Dës Prozedur ka während
e puer Sekonnen onangeneem sinn.

Wann Dir nach net an der Menopause sidd,
wilt am Beschten e Rendez-vous am Ufank
vum Zyklus aus, d. h. kuerz no Är Reegel.
Är Broscht ass da manner sensibel bei der
Ënnersuchung.

Wéi leeft d'Ënnersuchung of?

- D'Mammographie dauert e puer Minutten.
Allerdéngs musst Dir insgesamt 20 bis 30
Minutten aplangen.
- An där Zäit gitt Dir perséinlech vum/vun der
ATM betreit, deen/déi och Är Mammographie
duerchféiert.
- Fir d'Mammographie musst Dir den
Uewerkierper fräi maachen.
- All Broscht gëtt während e puer Sekonnen
tëscht zwou Placke festgehalten. Dëst kann
als onangeneem empfongt ginn, dauert awer
net laang.
- Falls Dir Beweegungsaschränkungen hutt,
kann d'Mammographie och am Sätzen
duerchgefouert ginn.



WAT ASS DEN ËNNERSCHIED TÛSCHT DER DIAGNOSTESCHER MAMMOGRAPHIE AN DER SCREENING MAMMOGRAPHIE?

Diagnostesch Mammographie

Bei Frae mat Symptomer, déngt déi diagnostesch Mammographie der Opklärung vun der Situatioun. Am Fall vun enger spierbarer Opfällgkeet oder bei Péng vun der Patientin, muss den Dokter eng Ordonnance schreiwen, fir dem Radiolog d'Situatioun z'expléieren. Dës Mammographie kann zu all Ament an onofhängeg vum Alter duerchgefouert ginn. Bei Fraen ënnert 35 Joer, soll eng Mammographie allerdéngs nëmmen da realiséiert ginn, wann de Radiolog se fir absolut noutwenneg hält.

Screening-Mammographie

Dësen ass fir Frae bestëmmt, déi keng klimesch Unzeeche vu Broschtkriibs opweisen. De Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet applizéiert d'Recommandatiounen vun EU-Experten, an invitéiert an deem Kontext Fraen ab 45 Joer fir all zwee Joer eng Mammographie am Kader vun engem organiséierte Programm maachen ze loossen. De Lëtzebuerger Screening-Programm erfëllt d'Qualitéitskrittäre bezüglech de Maschinne fir d'Mammographie, dem medezinesche Personal an den Dokterinnen.

Op Ordonnance, ass de Screening och viru 45 an no 74 Joer méiglech. Den Dokter entscheet dat vu Fall zu Fall.

Wat sinn d'Demarchen?

- Soubal Dir Är Invitatioun kritt hutt, kënnt Dir an engem vun de Screening-Zentren, déi vum Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet zougelooss sinn, e Rendez-vous huelen.
- Dir kënnt Är Mammographie am zougeloossenen Zenter vun Ärer Wiel maache loossen.
- De passenden Datum wielen: wann Dir Är Reegel nach kritt, huet Dir am beschten e Rendez-vous kuerz no der Reegel, well Är Broscht da manner sensibel ass.
- Gitt beim Rendez-vous huelen daitlech un, dass et sech ëm eng Mammographie am Kader vum organiséierte Screening handelt.
- Opgepasst: am Kader vum Mammographie-Programm, kënnt Dir just ee Rendez-vous huelen. Et ass deemno net méiglech a verschidde Screening-Zentren Rendez-vous ze huelen. Just den éischte Rendez-vous ass gültig an gëtt Iech Urecht op eng Ënnersichung.
- Déi zougeloossenen Zentren befinde sech an de 5 Spideeler vum Land.
- Är Invitatioun ass 2 Joer laang gültig.



LËSCHT VUN DEN ZOUGELOOSSENE SCREENING-ZENTEREN

Numm	Lokaliteit	Telefon	Site
CHdN	Ettelbréck	8166-8166	 rdv.chdn.lu
CHEM	Esch-Uelzecht	5711-79300	 chem.lu
CHL - Maternité	Lëtzebuerg	4411-6424	 maternite.chl.lu
HRS- Hôpital Kirchberg	Lëtzebuerg	286918	 hopitauxschuman.lu
HRS- ZithaKlinik	Lëtzebuerg	286918	

Den Dag vun der Ënnersichung:

- Haalt Är Invitatioun, Äre Bong fir d'Prise en charge, Är Matricule (CNS-Kaart) an Är Identitéitskaart bereet.
- Drot am beschte Kleeder, déi einfach auszedoe sinn.
- Drot keen Deo, Pudder, Crèmen oder Parfum op d'Broscht oder ënnert den Äerm op, fir d'Qualitéit vun den Opnamen net ze beinträchtigen.
- Drot keng Bijouen um Uewerkierper (Ketten, Piercing, etc.).
- Bréngt d'Coordonnéë vum Dokter mat, deen de finale Rapport vun Ärer Mammographie kréie soll. De Rapport kann och un en Dokter am Ausland geschéckt ginn; an deem Fall musst Dir déi exakt Adress an den Numm vum Dokter matbréngen.
- Wann Dir schonn eng Mammographie am Ausland gemaach hutt a rezent Opnamen oder eng CD dovunner hutt, ass et wichteg alles matzebréngen. De Radiolog kann da béid Mammographië vergläichen an eventuell Verännerunge méi schnell identifizéieren. Opnamen, déi zu Lëtzebuerg gemaach goufen, kënnen ëmmer vun engem Spidol zum anere geschéckt ginn.

WÉI A WÉINI GINN D'RESULTATER VUN DER ËNNERSICHTUNG MATGEDEELT?

E puer Deeg no der Mammographie, gëtt ëmmer e Rapport un Ären Dokter an un lech selwer geschéckt. Dësen Delai ass noutwenneg, fir dass déi 2 Radiologen Zäit hunn Är Mammographie z'interpretéieren.

Op Wonsch, kann eng Kopie vum Rapport nach un en zweeten Dokter geschéckt ginn.

Normaalt Resultat:

- Dat bedeit, dass d'Mammographie keng Opfällegkeet opweist an dass keng zousätzlech Ënnersichtung recommandéiert gëtt.
- Et ass allerdéngs weiderhi wichteg lech eemol d'Joer vun Ärem Dokter ënnersichen ze loossen.
- Dir kritt da weiderhi bis Är 74 Joer all zwee Joer eng Invitatioun geschéckt.

Anormaalt Resultat:


- Dat bedeit, dass d'Radiologen eng Anomalie entdeckt hunn. Dat ass bei ongeféier 5% vun de realiséierte Mammographien de Fall.
- An deem Fall, sinn zousätzlech Ënner-

sichungen noutwenneg fir d'Anomalie ofzeklären. Meeschtens handelt et sech heibäi ëm zousätzlech Opname vun enger Mammographie, ëm eng Echographie, en IRM oder eng Biopsie. An deene meeschte Fäll gëtt eng guttaarteg an net kribbsaarteg Anomalie festgestallt, mee et ass ëmmer besser sech ofzesécheren.

- Ären Dokter kritt de Rapport vum Screening a Recommandatiounen zu eventuellen zousätzlechen Ënnersichunge per Recommandé geschéckt. Doropshin erkläert Ären Dokter lech d'Resultat, ënnersicht lech a verschreift lech bei Bedarf zousätzlech passend Ënnersichungen. Dës Consultatioun ass gratis, virausgesat dass Dir den E20-Bong ënnerschreift, deen Dir vun Ärem Dokter krut.
- Falls kee Kriibs entdeckt gouf, gitt Dir weiderhi bis Är 74 Joer all zwee Joer agelueden.
- Am Fall vun enger Kriibserkrankung, gitt Dir direkt behandelt.
- Bei zousätzlechen Ënnersichungen, kënnen d'Dokteren an d'Radiologen lech op Ufro eng Kopie vun de Resultater zoukomme loossen. Si informéieren och de Koordinatiounszenter andeems si eng Kopie vun de Resultater zesumme mat hire Conclusiounen un den zoustännegen Dokter vum Mammographie-Programm schécken. Fir d'Qualitéit vum Screening z'evaluieren, ass et effektiv wichteg de Koordinatiounszenter iwwert d'Resultater vun den Zousaz-Ënnersichungen z'informéieren. Dës Informatiounen falen ënnert d'Schweigeflicht.



AN ZUELEN



WAT MAACHEN, WANN...

... Dir eng Verännerung vun Ärer Broscht bemierkt?

Wart net op d'Invitatioun vum Mammographie-Programm, mee kontaktéiert direkt Ären Dokter.

... Dir schonn eng Kéier Broschkriibs hat?

Dir kënnt ëmmer um Mammographie-Programm deelhuelen. Allerdéngs gëtt e perséinleche järeleche Suivi recommandéiert. Consultéiert Ären Dokter fir ze wëssen, wéi eng Ënnersichungen an Ärem Fall ubruecht sinn. Informéiert de Koordinatiounscenter wann Dir keng Aluedung méi kréie wëllt.

... Dir eng Broscht-Prothees hutt?

Dir kënnt um Mammographie-Programm deelhuelen.

... Dir manner wéi 45 oder méi wéi 74 Joer al sidd an dat Thema lech beschäftegt?

Mir recommandéieren lech mat Ärem Dokter ze schwätzen. Ënner verschidden Ëmstänn, kann et sënnvoll sinn och viru 45 oder no 74 Joer e Screening ze maachen.

VERÄNNERUNGE BEI DEENEN DIR IECH DIREKT UN EN DOKTER WENDE SOLLT

Folgend Verännerunge müssen Ärem Dokter direkt matgedeelt ginn,
och wa se net zwangseefeg op Kriibs hindeiten:

- Knuet, Knupp oder Schwellung an der Broscht oder ënnert den Äerm
- Verännerung vun der Broscht-Form
- Zeréckzéie vun der Haut oder der Broschtwaarz
- Rout Plaz, Ödeem oder Orangenhaut-Aspekt
- Ausfloss aus der Broschtwaarz



VIRDEELER VUM SCREENING PROGRAMM

Fréizäiteg Erkennung:

Bei der Mammographie kënne kleng Tumore festgestallt ginn, déi an der Reegel nach keng Metastase gebilt hunn. Déi fréizäiteg Erkennung an d'Behandlung erhéijen d'lwwerliewens- an Heelungschancen.

Méi Liewensqualitéit duerch manner staark a méi effikass Behandlungen:

Duerch déi fréizäiteg Erkennung vum Tumor ass et gréisstendeels méiglech eng manner aggressiv Behandlung unzewenden. Zum Beispill kann eng broschterhalend Operatioun duerchgefouert ginn an a verschidde Fäll ka ganz op Chimiotherapie verzichten ginn. Doduerch ginn d'Niewewierkunge reduzéiert an d'Liewensqualitéit während an no der Krankheit bleibt erhalen.

Beitrag zur Reduzéierung vun der Stierflechkeet duerch Broschkriibs

Déi fréizäiteg Erkennung a Fortschrëtter an de Behandlungsmethoden droen dozou bäi, dass d'Stierflechkeet bei Broschkriibs bei de Frae vun der betraffener Altersgrupp erofgeet.

Zu Lëtzebuerg sinn méi wéi 90% vun de Fraen, déi all Joer u Kriibs stierwen, 45 Joer oder méi al. Bei enger Fra, déi ab 45 Joer all zwee Joer um Screening-Programm deelhält, ass de Risiko u Broschkriibs ze stierwen deemno reduzéiert.

Sécher Prozedur duerch Qualitéits- kontrollen am Kader vun engem organiséierte Programm:

D'Participantë profitéiere vun enger Ënnersuchung, déi streng Qualitéitskrittären erfëllt. Dës Krittäre gi reegelméisseg kontrolléiert a zertiféiert.



NODEELER A RISIKEN

Diagnos a Behandlung vu wéineg evolutive Kriibserkrankungen:

Verschiedde Kriibserkrankungen entwéckele sech esou lues, dass si keen Impakt op d'Gesondheet vun der betroffener Persoun hunn. An dësem Fall, ass den Dout op en anere Grond zeréckzeféieren an de Screening vun dësem Kriibs ass da wéineg sënnvoll.

Nom aktuelle Stand vun der Wëssenschaft ass et net méiglech kloer feststellen, wéi eng Kriibserkrankung sech méiglecherweis weidentwéckelt, a wéi eng sech nëmme wéineg ausbreede wäert oder kaum Konsequenzen op de Gesondheitszoustand vun der Patientin wäert hunn. Ouni Mammographie, wieren dës Kriibserkrankungen onentdeckt bliwwen. Et schwätzt een an deem Fall vun „lwwer-Diagnos“.

Dobäi kënnt, dass verschidden u sech wéineg evolutiv Kriibserkrankunge guer keng oder keng esou staark Behandlung erfuerdert hätten. An deem Fall schwätzt ee vun „lwwer-Behandlung“.

Eng sëllege Fuerschungsprojete versichen déi Kriibserkrankungen z'identifizéieren, déi méiglecherweis manner evolutiv sinn, fir esou besser adaptéiert individuell Behandlungsléisungen unzebidden.

Falsch positiv Resultater oder falschen Alarm:

Wa bei enger Mammographie Opfällgkeete fonnt ginn, sinn zousätzlech Ënnersichungen noutwenneg fir dës Anomalien opzeglären. An deene meeschte Fäll, sinn déi detektéiert Verännerunge guttaarteg an et handelt sech net ëm

Broschkriibs. Dës sougenannte falsch positiv Resultater kënnen immens beängstegend an traumatesch sinn.

Optriede vu Kriibs virum Datum vun der nächster Mammographie: d'Intervall- Kriibserkrankung

Heiansdo kënnt et vir, dass innerhalb vun den 2 Joer no enger Screening-Mammographie ouni Opfällgkeeten eng Kriibserkrankung ausbrécht. Verschiedde Kriibserkrankunge sinn op der Screening-Mammographie net siichtbar oder goufe vun de Radiologen net detektéiert.

Dës Fäll si rar.

Den Zweek-Jores-Rhythmus vun der Mammographie gouf op Basis vun enger Rëtsch vu statistesche Studie festgeluecht, well en souwuel d'Unzuel vun Intervall-Kriibserkrankunge wéi och d'Stralebelaaschtung vun de Frae reduzéiert.

Dofir gëtt recommandéiert, dass all Fra an d'Dokteren och no enger normaler Mammographie ëmmer op klinesch Verännerungen opmierksam sinn.

Stralung bei der Mammographie a Kriibsrisko:

Duerch qualitativ héichwäerteg Röntgenapparater an déi gesetzlech virgeschriwwen Kontrollen, sinn d'Stralen-Dosisse bei enger Mammographie ganz geréng. No der Menopause ass de Risiko opgrond vu reegelméisseg Mammographien u Kriibs ze erkranken praktesch null. Bei méi jonke Fraen, klëmmt dës Risiko awer licht.



All Fra muss fir sech entscheeden, ob si um Screening-Programm deelhuele wëll oder net. Wichtig ass, dass si sech am Virfeld iwwert d'Virdeeler an d'Nodeeler vum Screening informéiert huet.

DAT WICHTEGST ZESUMMEGEFAASST

Hei fannt Dir eng Zesummefaassung vun de wichtigste Punkten:

- Am Ufanksstadium weist Kriibs gewéinlech keng Symptomer un.
- Duerch Früererkennung an eng adaptéiert Behandlung, ass et méiglech Kriibs erfollegräich ze heelen.
- Ab dem Alter vu 45 Joer, kritt Dir vun der Gesondheetsdirektioun, a Récksprouch mat der CNS - d'Gesondheetskeess, all zwee Joer eng perséinlech Invitatioun fir eng Mammographie geschéckt.
- Bei dësem Screening kritt Dir vu speziell ausgebildtem Personal 2 Opname vun all Broscht gemaach.
- All Mammographie gëtt vu mindestens 2 Radiologen onofhängeg vuneneen analyséiert.
- E puer Deeg no der Ënnersuchung, gëtt d'Resultat schrëftlech un Ären Dokter an un lech selwer geschéckt.
- Opfälleg Opnamen ginn duerch zousätzlech Ënnersichungen ofgekläert

Dës Broschür soll lech bei der Entscheedung hëllefen, ob Dir um Screening-Programm deelhuele wëllt oder net.

Wann Dir nach Froen hutt oder weider Informatiounen braucht, went lech gären un d'Mataarbechter vum Koordinatiounscenter (cf. Kontaktdaten, Säit 2) oder un Ären Dokter.



Adressen an zousätzlech Informatiounen

Dës Broschür gëtt a verschidde Sproochen ugebueden a kann um Site www.sante.lu/mammo-gratis erofgeluede ginn.

ISBN

978-2-49676-018-7